Neihaischen
Guide and Scout Centre

*Zënter 70 Joer ass de Scoutissem um Neihaischen doheem. Wann dat kee Grond ass fir ze feieren?! Dofir wär et schéi wann s du dech den* ***1. Mee*** *mat dénge Frënn a Kolleege bei äis um Neihaischen treffe géifs fir bei eisem Konveniatsprogramm matzemaachen.*

# Éischt-Mee Feier

## 2022 um Neihaischen

### Vun 12h00 un: Offiziellt Ophänke vum Meekranz mat Wëllkommes- an Éirerieden, Meebowle, Mëttegiessen an Éischt-Mee-Allerlee

**„Fir Iessen an Drénken ass beschtens gesuergt"**



Eis Kichekuedere kachen a brachen, datt keen hongreg an duuschtreg heem geet:

- Ënnenzopp mat Kéis a Kiischtercher
- Ierbsebulli mat oder ouni Mettwurscht & Speck
- Rëndsbritt mat Niddelcher a Muerten
- Gehäerzte Gulaschzopp
- Tutti Frutti mat Glace oder en Eisekuch an eng Tas Kaffi als Dessert

**Wat froe mer fir dech doduerch ze schmaachen?**

- 20 € fir ee Mëttegiessen op der Plaz mat Zopp à volonté an en Dessert au choix
- 15 € fir e gudde Liter Zopp fir matheemzehuelen an déngem Behälter
- 3 € fir en Eisekuch op der Plaz oder fir matheemzehuelen
- fir eis besser riichten ze kënnen, mëll dech wannechgelift bis den 28.Abrëll un op *neihaischen@asbl.lgs.lu oder 621 31 78 61,* ***mat der Zuel vu Léit a wat's de iesse wëlls.***

- *Iwwerweisung op eise Kont* „Lëtzebuerger Guiden a Scouten ASBL Comité Neihaischen" CCPLLULL / IBAN LU30 1111 0294 1322 0000 0000 mat der ***Mentioun „Menu op der Plaz"*** oder ***„Zopp fir matheem"***. Gedrénks a Genaschels ginn op der Plaz bezuelt.

## *Braderie* fir Guiden- a Scoutsartikelen

***Wann s du intresséiert bass fir*** deng gebrauchte Guiden- a Scouten-Uniformen, Foularden, Badger, Gamelle, Scoutsbicher, Ruck- a Schlofsäck... matzebréngen fir ze weisen, virunzeginn, ze tauschen oder ze verkafen, ***da so eis w.e.g. am viraus Bescheed, datt mer genuch Dëscher fir deng „Bourse" opstelle kënnen***.

Campmaterial aus dem Shop gëtt et och , Centenairesmesser a -bicher vun 2019 sinn do a Raritéite wéi d'"Be Prepared" Buch vun 2007 ass vläicht ze fanne wann s du et matbréngs ... !

Lëtzebuerger Guiden a Scouten



## „Hausmaacher Béier vum Neihaischen“

Eise Braumeeschter weit dech an d’Konscht vum Béiermaachen an, du kanns eise selwergemaachene Fréijoersbéier schmaachen an och an halleflitesch Biggelfläsche fir 5 € matheem huelen. Bestellungen am Viraus gi via Iwwerweisung op eise Kont mat der Mentioun „Béier vum Neihaischen“. Op Wonsch organiséiere mer spéiderhi mat dir och gär e Brauatelier.

## „Jeopardy Neihaischen“

1952 gouf d’Scoutskapell um Neihaischen ageweit an zënterhier kéipen sech vill Froen an Äntwerten iwwert 70 Joer Scoutspräsenz um Neihaischen. Deng Anekdoten, Erënnerungen an Top-Secret-Geschichte kanns du eis um 1. Mee och ganz gär verroden en vue vun enger Dokumentatioun iwwert de Guidissem & Scoutissem um Neihaischen fréier, haut a muer.

## Visite guidéeën

Zënter 2017 ass vill geschitt: e neie Bloc sanitaire, e „Neie Sall“ iwwert dem „Grousse Sall“ an e Lift koumen dobäi. Mir weisen dir dofir gär eise Chalet mat eiser Kapell vu 14h00 un dräimol am Hallefstonnentakt um 14h00, 14h30 a 15h00.



## „Aktioun Feier-Blumm“

Zesumme mat eise Frënn vun de Scoutsresistenzler kanns du mëttes eng „Blumm fir de Fridden“ nidderleeën. An datt d‘Flam vum Fridden am Square viru brennt, kanns du och ëmmer nees däi Stéck Holz noleeën an der eppes dobäi wënschen.

## Guiden- a Scoutsmass

Um **15h30** feiere mer eng Guiden- a Scoutsmass mam Pit fir e besënnleche Moment vu Rou an Hoffnung ze erliewen. Alles schéngt op der Kopp ze sinn, mee zënter 70 Joer huet d’Scoutskapell Notre-Dame des Bois hir fest Plaz um Neihaischen.

## Um 16h15 invitéiere mer op den Ofschlosspatt vun der Éischt-Mee Feier 2022.

*Wann dat elauter gutt Grënn si fir den éischte Mee bis laanscht ze kommen, da mell dech wannechgelift bis den 28.Abrëll ënnert neihaischen@asbl.lgs.lu oder 621 31 78 61 un.*



## Donen

*Donen si mat Iwwerweisung op eise Kont mat Mentioun „Don Neihaischen“ an dësen Zäite besonnesch wëllkomm fir d’Ëm- an Ausbauaarbechte vum Chalet ze ënnerstëtzen:* „Lëtzebuerger Guiden a Scouten ASBL/ Comité Neihaischen“ CCPLLULL / IBAN LU30 1111 0294 1322 0000. Du kriss e Certificat de Don heemgeschéckt an däin Don ass vun de Steieren ofsetzbar.

***Merci am Viraus, komm laanscht a maach mat!***

Lëtzebuerger Guiden a Scouten